QP 2930

REÇU
Par Christine Wirtgen , 11:36, 30/09/2020

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 30. September 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Gesondheet weider ze leeden.

D'Weltgesondheetsorganisatioun WHO huet rezent matgedeelt datt si op Corona-Schnelltester setzt fir d'Pandemie an den aarme Länner ze bekämpfen. Déi sougenannten Antigen-Tester solle fir 133 Länner mat klengen a mëttleren Akommes zur Verfügung gestallt gi fir op deene Platze wou d'PCR-Tester am Labo just schwéier méiglech sinn, de Virus nozeweisen.

Generell gesäit d'WHO dës Schnelltester als sënnvoll Ergänzung zu de PCR-Tester, zemools wann et drëm geet d'Infektiounskette ronderëm een nogewisene Fall aus engem PCR-Test ze retracéieren.

Den Direkter vun der Santé huet sengersäits Ufank der Woch deklaréiert datt dës Schnelltester nach net zouverlässeg genuch wieren an datt dowéinst nach net viraus ze soe wier wéini se kéinten agesat ginn.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Wéi erkläert d'Madamm Gesondheetsminister sech dës ënnerschiddlech Aussoen?
- Deelt d'Regierung d'Positioun vum Direkter vun der Santé?
- Wieren esou Schnelltester als Ergänzung zu de PCR-Tester net awer sënnvoll?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Claude Wiseler
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Christine Wirtgen , 15:46, 02/10/2020

Luxembourg, le 2 octobre 2020

**Réf.** : 831x15537

**Concerne**: Question parlementaire n° 2930 du 30 septembre 2020 de Monsieur le Député Claude Wiseler

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 2930 du 30 septembre 2020 de Monsieur le Député Claude Wiseler concernant les "Tests antigéniques".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette LENERT**
**Ministre de la Santé**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 2930 du 30 septembre 2020 de Monsieur le Député Claude Wiseler concernant les "Tests antigéniques".**

Dem Direkter vun der Santé seng Aussoe vum 28. September, bezitt sech op d'Erfahrung mat der éischter Generatioun vun Antigenschnelltester zu Lëtzebuerg wou de klasseschen PCR Test extrem einfach accessibel ass, an d'Resultat och generell schnell matgedeelt gëtt. Et ass an der Situatioun kloer, dass d'Antigenschnelltester bis elo wäit manner fiabel waren wéi PCR Tester, an ausser der Rapiditéit keng Avantage bidden. Op der anerer Säit ass bei de Schnelltester de Risk vu falsche Resultater (falsch positiv oder falsch negativ) grouss.

Aktuell kënnt awer eng zweet Generatioun vun Antigenschnelltester op de Marché, déi de Produzente no vill besser Performancen hunn wat d'Sensibilitéit an d'Spezifizitéit ubelaangt an deemno och méi fiabel wären. De Laboratoire national de santé (LNS) krut den 29. September een éischte Kit vun engem groussen internationale Produzent geliwwert, an ass am Moment dobäi, eng Evaluatioun vun der Performance vum Test ze maachen. Op mannst eng zweet grouss international Firma wäert do schnell nozéien an och hiren Test zu Lëtzebuerg ubidden. Och dësen Test wäert den LNS natierlech évaluéieren am Verglach mam klasseschen PCR Test.

Wann d'Performancen déi vun de Produzenten annoncéiert gi sech bestätegen, sinn dës Tester sécher sënnvoll iwwerall do, wou ee schnell e Resultat brauch, z.B. am medizinesche Beräich an de Service d'urgences, oder am zukünftegen Centre de consultation Covid-19 fir d'Patienten an déi richteg Filière z'orientéieren oder als Screening virun enger invasiver Prozedur (Chirurgie, Endoskopie ...).

Op een dës Tester dann och am privaten oder kommerzielle Beräich sënnvoll kann asetzen, wéi verschidde Leit dat suggéréieren, z.B. als Screening virun engem groussen Event mat ville Leit, bléift nach ze klären.